LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

Deklaratioun iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik

presentéiert vum

Här Xavier BETTEL,
Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten

an der Chamber
den 12. Februar 2025

Et zielt dat geschwatent Wuert

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten,

Virun e puer Méint konnt ech op dëser Tribün eng Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik maachen, aus där ech bewosst d'Entwécklungszesummenaarbecht an d'humanitär Hëllef ausgeklammert hat, well mir jo haut hei dëse separate Rendez-vous hunn.

Dat ass gutt esou, well et gëtt vill ze soen zu dësen Themen. Gläichzäiteg, a wéi dir wësst, ënnersteet dëse Beräich säit dem Ufank vun dëser Regierung jo net méi engem separate Minister oder Staatssekretär, mee gëtt direkt vum Ausseminister dirigéiert. Dat war esou gewollt, fir maximal Kohärenz an eiser Aussepolitik ze garantéieren.

D'humanitär Hëllef op déi ech spéider zeréckkomme follegt eegene Prinzippien.

Mee d'Entwécklungszesummenaarbecht ass indiskutabel en integralen Deel, an *en fait* e wichtege Pilier vun eiser Aussepolitik, an dat säit den 80er Joren. Si ass sécher en Ausdrock vun internationaler Solidaritéit mat Mënschen di bei der Lotterie vun der Gebuert op Plazen op d'Welt komm sinn, wou extrem Aarmut herrscht – oft a Konfliktsituatiounen, wou Gesondheets- a Bildungssystemer si am Stéch loossen, wou d'Regierungen an d'Ekonomie net d'Kapazitéiten hunn hinne Perspektiven ze bidden, wou de Klimawandel hir Existenz a Fro stellt.

Mee si ass och a mengen Aen en Investissement, grad wéi eis aner Vecteure vun der Aussepolitik, a gutt Relatiounen, à long terme, mat bilaterale Partneren an der Welt, besonnesch an Afrika, a Südostasien, an an Zentralamerika. Et ass wichteg fir Lëtzebuerg iwwert d'europäesch Unioun an den europäesche Kontinent eraus op e Reseau vu Frënn a Partner kënnen ze zielen, an eis Entwécklungs- an humanitär Hëllef droen dozou bäi.

[E Sockel vu gemeinsame Wäerter]

Genau wéi bei eisen anere bilaterale Bezéiungen, baséieren dës Partenariater op engem Sockel vu gemeinsame Wäerter, virop d'Prinzippie vun Demokratie an de Respekt vu Mënscherechter. Dëst gëtt an Zukunft och méi explizit an eisem Dialog op Regierungsniveau thematiséiert, an an eis Accorden dra geschriwwen, esou wéi et elo rezent am Fall vum Togo gemaacht ginn ass. Et geet net drëm eise Partnerlänner eis europäesch, „westlech" Liewensweisen opzedrängen, wéi Kritiker de Bailleuren dat heiansdo virwerfen. Et geet vill méi drëm vu virera kloerzestellen dass eng Verschlechterung vun der politescher Gouvernance (am schlëmmste Fall zum Beispill duerch e Coup d'État), oder vun der Mënscherechtssituatioun e Prozess declenchéiert deen natierlech fir d'éischt op den Dialog setzt, mee awer och *in extremis* zu dem Enn vun eiser Kooperatioun ka féieren.

Wichteg dobäi ass de Respekt vun Engagementer, national an international, déi eis Partner agaange sinn, a par rapport zu deenen d'Situatioun gemooss ka ginn (Charta vun der UNO, UN Mënscherechtscharta, national Legislatioun etc.). Di lokal Zivilgesellschaft spillt do eng wichteg Roll als Observateur an am Plaidoyer, an dofir lancéiere mir elo z.B. am Sahel e regionale Programm mat Luxdev fir esou Organisatiounen ze ënnerstëtzen. Och d'UNO, z.B. via den *Haut-Commissaire aux droits de l'Homme*, huet Mechanismen an Instrumenter déi eis guidéiere kënnen.

Aus all deene Grënn ass et dofir wichteg sur place den Dialog iwwer Mënscherechter ze féieren, bilateral, mee besonnesch och bei de reegelméissege Consultatiounen zwëschent der EU an eise Partnerlänner, well op deem Niveau méi kann erreecht ginn ewéi bilateral. Do wou mir Ambassaden hunn, bedeelege mir eis aktiv un deene Consultatiounen.

[ee konkret Beispill: SENEGAL]

Mam Senegal si mir grad mëtten an dësen Diskussiounen dran, an ech si mir nach net sécher ob mir wäerten zu enger Eenegung kommen. Di nei senegaleesesch Regierung

deet sech schwéier domat sech op eng Diskussioun iwwer Mënscherechter a spezifesch iwwer d'Protektioun vu Minoritéiten an der Gesellschaft mat eis anzeloossen. Ech hat selwer e schwieregt Gespréich mam President Faye zu New York am Hierscht, wat dorop erausgelaf ass, dass senger Meenung no de Senegal léiwer op eisen Appui verzicht ewéi e reegelméissegen Dialog mat eis iwwer d'Evolutioun vun der Mënscherechtssituatioun unzefänken. Esou Gespréicher wiere wuel fir hien eng inacceptabel Ingérence an d'Souveränitéit vum Senegal.

Dat ass natierlech net eis Absicht, wéi ech jo elo grad erkläert hunn. Ech denken et ass do vill Ideologie a sécher och eng Grëtz Populismus am Spill. Viru 14 Deeg war eng *Commission de partenariat* op Direkteschniveau zu Dakar, wou mir ze verstoe kritt hunn et wier politesch duerchaus gewollt eist Partenariat vu 37 Joer weiderzeféieren, an et huet en éischten Echange doriwwer stattfonnt, wéi an Zukunft eisen Dialog iwwert Mënscherechter soll organiséiert ginn a wéi eng Prozedur mir virgesi falls mir eis net sollten eens ginn ("*règlement des différends*"). Dat ass eng positiv Evolutioun, mee mir kommen nëmme ganz lues a lues weider. Aus logistesche Grënn musse mir geschwë wëssen, ob déi dräi grouss Programmer, déi fir de PIC 5 virgesi waren am Beräich Beruffsausbildung, Santé a Waasser, deemnächst starte wäerte kënnen oder net.

[Revue par les pairs vum CAD]

Wéi mir all dës Defie meeschtere gëtt och periodesch extern evaluéiert: Virun engem Mount war ech bei der OCDE zu Paräis fir en Echange mam *Comité d'aide au développement*, deem Organ vun der OCDE an deem d'Memberen sech austauschen iwwert déi bescht Methoden Entwécklungshëllefsprojeten ëmzesetzen, an och analyséieren awéiwäit gemeinsam Normen agehale ginn a wouhi wéi vill Hëllef fléisst. De Rapport vun eiser „*Revue par les pairs*" ass am gaange finaliséiert ze ginn, a wäert deemnächst hei zu Lëtzebuerg vum Präsident vum Comité, dem Carsten Staur, virgestallt ginn. Lëtzebuerg gëtt an dësem Rapport gelueft fir d'Quantitéit vu senger Hëllef, mee och fir seng Charakteristiken: exklusiv Donen, ouni wirtschaftlech Contrepartie (also „non

liée“ am Jargon), konzentréiert op de Kampf géint d’extrem Aarmut an deenen am mannsten entwéckelte Länner.

Lëtzebuerg erreecht mat déi héchsten Niveaue vun Hëllef als Prozentsaz vum RNB ënnert den OCDE Memberen, ouni emol eis Ausgabe fir den Accueil vu Flüchtlingen zu Lëtzebuerg, oder eis Ausgabe vum Klima- an Energiefong an Entwécklungslänner derbäizerechnen, wat dëst Haus jo och rezent an enger Motioun ënnerstëtzt huet als Approche.

Mir féieren dës Politik jo net fir vun der OCDE gelueft ze ginn, mee et ass awer interessant dass déi aner wichteg bilateral Acteuren a Bailleuren, mat deene mir jo och oft um Terrain zesummeschaffen, esou eng positiv Appreciatioun vun eiser Aarbecht hunn. Besonnesch gefreet huet mech de positive Feedback aus dem Cap Vert, vun de Comitésmemberen, déi extra dohinner gereest sinn, mee och vun eise kapverdianesche Partneren, déi eis Approche positiv bewäert hunn.

[Global Gateway]

Ech muss awer och soen, dass dës laangjäreg Charakteristike vun eiser Entwécklungspolitik, déi och explizit vun eise Partner appreciéiert ginn, geschwë riskéieren international minoritär ze ginn: de Volume vun de Budgete geet erof, an d’Natur vun de Partenariater ännert sech.

Der EU hir *Global Gateway* Initiativ ass ganz oppen „transaktionnell“, versprécht potentielle Partneren Investissementer en retour fir geopolitesch a wirtschaftlech Avantagen (z.B. den Accès zu rare Mineralien). Gelackelt ginn d’États membres mat Retombées fir hire Privatsecteur wann si bei esou Initiative matmaachen. Am Hannergrond steet do och d’Debatt iwwert den zukünftegen EU-Budget, wou ze erwaarden ass dass di klassesch „APD“, d’Entwécklungshëllef, keng esou grouss Roll méi spille kéint.

Lëtzebuerg verschléisst sech absolut net enger Diskussioun iwwert eng méi affirmativ Roll vun der EU an der Welt: d’EU an hir Memberstaate mussen sech an der aktueller an zukünfteger Welt méi breet opstellen, wann si als e geopolitesch wichtegen Acteur wëllt eescht geholl ginn. Mir hunn an der rezenter Vergaangenheet aneren Acteuren d’Feld iwwerlooss, well eis Partenariatsoffer entweder als en Acquis ugesi ginn ass, oder de Besoine vun eise Partner net méi (genuch) entsprach huet.

Gläichzäiteg stellen ech mir awer nach vill Froen iwwert dës Approche, déi am gaangen ass d’Entwécklungshëllef, ewéi Lëtzebuerg se praktizéiert an d’OCDE se lueft, an den Hannergrond ze drécken.

[Wäerter]

D'EU ass an der Welt bekannt fir hir Wäerter. Déi Wäerter si keng Hindernisser fir als Acteur op der Weltbün, an als interessante Partner fir Drëttstaate kënnen Erfolleg ze hunn. Au contraire, di meeschte Partner, déi sech Richtung Russland oder China wende fir Ënnerstëtzung, regrettéieren, dass verschidde Projeten net mat der EU ze maache waren, well si genau wëssen, dass déi aner zwar manner Contrainten hu wat Wäerter ugeet, mee dofir awer villäicht aner Interesse verfollegen, an oft zu Konditiounen, déi *à terme* oft net ëmmer favorabel sinn.

Wann *Global Gateway* der EU et erlaabt Partenariater mat esou Länner méi breet opzestellen, wichteg Infrastrukturprojeten ze realiséieren, EU Fachwëssen anzesetzen, a, firwat net, positiv Retombées fir europäesch Wirtschaftsacteuren ze bréngen, da schéngt dat mir eng wichteg an iwwerfälleg Initiativ ze sinn.

[Faisabilitéit an den am wéinegsten entwéckelte Länner („fragil")]

Allerdéngs mengen ech net dass de Konzept vum *Global Gateway* elo déi nei „*one size fits all*" Léisung fir all Entwécklungsland wäert sinn oder soll sinn. Lëtzebuerg ass iwwerproportional engagéiert an deenen am mannsten entwéckelte Länner, do wou een d'extrem Aarmut fënnt, a wou et drëm geet Grondbedierfnisser vun der Populatioun ze bedéngen: Ernärung, Waasser, Gesondheet, Educatioun, Energie.

An deene Kontexter, wou och d'Gouvernance oft zimmlech fragil ass, de Staat net iwwerall wierklech fonctionéiert, d'Wirtschaft sech op de Primärsecteur an den Handel limitéiert, etc., schéngt mir och weider eng Approche, déi sech op Donen – ouni wirtschaftlech Contrepartie – baséiert, di richteg ze sinn. Mee et ka sinn, dass dat geschwënn en "Niche-Phenomeen" gëtt, obschonn d'Besoinen immens sinn.

[Roll fir LU a säi Privatsecteur]

Wéi eng Roll Lëtzebuerg am Kader vum *Global Gateway* spille kann, gëtt duerch e puer Projeten illustréiert an deene mir schonn engagéiert sinn, sou z.B. am Cap Vert am Beräich vun den erneierbaren Energien, wou d'SEO implizéiert ass.

Et bleiwen awer nach oppe Froe wat d'Participatioun vu PME/PMI ugeet, déi jo e groussen Deel vun eisem Tissu économique duerstellen. Den Ament hunn ech d'Impressioun der Kommissioun hir Virstellunge géingen haaptsächlech a Richtung grouss Konzerner goen. Ech wäert mech mat anere Memberstaaten dofir asetzen, dass déi Instrumenter och fir PME/PMI accessibel sinn an der Praxis. Dat hunn ech och net méi spéit wéi gëschter zu Warschau am Conseil vun den Entwécklungshëllefsministeren kënnen erklären.

Ech hunn elo e puermol Allusioun op wirtschaftlech Retombées gemaach am Kontext vum *Global Gateway*. Dat gëtt mir Geleeënheet e puer Wuert ze soen iwwert wéi ech d'Roll vum Privatsecteur an der Entwécklungshëllef gesinn.

Den éischte Constat ass dass déi ëffentlech Entwécklungsgelder aleng bei Wäitem net duer ginn, fir den enorme Besoinen an den Entwécklungslänner gerecht ze ginn. Mir brauchen dofir laangfristeg an nohalteg Finanzementer, un deenen de Privatsecteur sech bedeelegt. Ganz besonnesch elo, wou mir an engem Kontext vu konstante Poly-Krise liewen, a wou ëmmer mei Länner hir Entwécklungshëllef erofschrauwen oder anerwäerts benotzen.

Lëtzebuerg ass als zukunftsorientéiert Finanzplaz mat enger staarker Fongenindustrie, der klassescher Bourse, engem staarke Fintech an engem inklusive Finanzsecteur gutt placéiert fir weiderhin eng staark Roll ze spille wann et dorëms geet, innovativ an durabel Finanzéierungsinstrumenter opzestellen, déi privat Investissementer a Richtung nohalteg Entwécklungsziler kanaliséiert.

Fir Iech ee konkreet Beispill ze ginn, denken ech direkt un déi sougenannten *CAT Bonds,* eng “Katastrophen”-Obligatioun déi op der Bourse ass. Et ass en Instrument wat mir de Moment mam *Programme alimentaire mondial* (PAM) an der Weltbank entwéckelen. Et geet drëms ze kucken ob finanziell Risiken am Fall vun Naturkatastrophe vu privaten Investore kënnen iwwerholl ginn.

Wa mir vum Privatsecteur schwätzen denke mir awer haaptsächlech un de Privatsecteur an eise Partnerlänner. Mir wëllen hëllefen dass deen sech esouwäit dynamiséiert a formaliséiert, dass hie genuch, dezent an uerdentlech bezuelten Aarbechtsplaze bitt, Investisseure remuneréiert, Steiere bezilt, déi dem Staat et erlabe seng Missiounen ze erfëllen, ultimativ ouni extern Ënnerstëtzung.
Et ass och wichteg, dass dem Privatsecteur seng Innovatiouns-Stäerkt lokal Solutiounen op de Marché bréngt, déi nei a méi effizient Äntwerten op lokal Problemer duerstellen.

D‘Lëtzebuerger Kooperatioun fokusséiert sech hei op kleng a mëttelgrouss Entreprisen a kleng Baueren. Et geet drëms deene Leit an Entreprisen Accès ze ginn op lokal Finanzéierungsmëttel. Dëst ënnerstëtze mir mat Initiativen ewéi de *Financing Innovation Tool* (FIT), een Outil deen et ons erlaabt do z’investéiere wou et dacks nach net rentabel genuch oder ze komplizéiert ass fir reng privat Initiativen.

Doriwwer eraus huet d’Lëtzebuerger Kooperatioun och zwee Instrumenter op d’Bee gesat, mat deene mir direkt innovativ a jonk Entreprisen an eise Partnerlänner Ënnerstëtzung kënne bidden, fir datt si innovativ Produite kënnen op de Marché bréngen an Aarbechtsplaze schafen.

Nieft der Zesummenaarbecht mat der Privatwirtschaft, ass et eis och wichteg akadeemesch a wëssenschaftlech Partenariater z’ënnerstëtzen. D’Lëtzebuerger Wëssenschaft huet vill Léisungen, déi fir eis Partnerlänner kënnen nëtzlech sinn, sief et am Beräich vun den neien Technologien, dem Space, der Cybersecuritéit oder dem Droit.

An deem Kader hu mir rezent e Bourse-Projet zesumme mat der Uni Lëtzebuerg lancéiert, an deem Studenten aus dem Laos, Cap Vert a Costa Rica op Lëtzebuerg komme fir hire

Master an Doktorat z'absolvéieren, an duerno d'Wëssen an d'Experienz, déi si zu Lëtzebuerg gesammelt hunn, an hire Länner kënnen ëmsetzen.

[Lien mam Commerce extérieur?]

A jo, et gëtt och e Lien mam Commerce extérieur, net am Sënn dass mir a Projete Lëtzebuerger Entreprisen imposéieren, mee am Sënn dass déi gutt Relatiounen, déi Lëtzebuerg mat Entwécklungs- a Schwellelänner opbaut, mat der Zäit och emol dozou féieren, dass eise Privatsecteur sech fir si interesséiert.

[Réckbléck 2024]

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

No dëse méi allgemengen Iwwerleeungen zu aktuellen Tendenzen, ass elo de Moment komm fir e Réckbléck op eng Rei wichteg Evenementer an Entwécklungen déi 2024 gepräägt hunn.

[Provisoresch Zuelen]

Ech kann ufänken domat Iech e puer provisoresch Zuelen ze ginn; déi definitiv komme méi spéit am Joer an eise Rapport annuel, genau esou wéi méi prezis Opdeelungen tëscht verschiddenen Acteuren.

Mir hunn d'Zil vun 1% vum RNB erreecht, wat d'lescht Joer ronn 551 Milliounen Euro duergestallt huet.

Déi zwou grouss Opdeelungen a bilateral a multilateral Hëllef belafen sech op ongeféier 72% fir déi bilateral an 28% fir déi multilateral.

D'humanitär Hëllef (déi zur bilateraler Hëllef gerechent gëtt), huet ronn 17% vum Ganze representéiert.

Déi Pourcentagen si comparabel mat deene vun 2023.

[Bilateral]

Am Beräich vun der bilateraler Hëllef gëtt et zwou Evolutiounen op déi ech elo wëll agoen.

[Sahel]

Enn 2023, kuerz no dem Ufank vu mengem Mandat, hunn ech d'Decisioun geholl eis bilateral Programmer am Burkina Faso, am Mali an am Niger auslafen ze loossen.

Am Niger war dës Kooperatioun jo scho säit Juli 2022 suspendéiert, no dem Coup d'État an dem Emprisonnement vum Präsident Mohamed Bazoum, deen d'ailleurs haut nach ëmmer ouni iergend eng Prozedur mat senger Fra festgehale gëtt. Virun e puer Deeg huet de *Groupe de Travail sur la détention arbitraire* vum *Conseil des droits de l'Homme* vun der UNO confirméiert, dass et sech hei em eng "détention arbitraire" handelt, déi géint d'*Déclaration universelle des droits de l'Homme* an de *Pacte international relatif aux droits civils et politiques* verstéisst, a gefrot dass d'Regierung vum Niger deementspriechend reagéiert.

Am Mali leeft de bilaterale Programm Mëtt dëses Jores aus, am Burkina Enn dës Jores, mat da jeeweils enger Period vu 6 Méint fir alles geuerdent ofzeschléissen. Projeten déi iwwert aner Acteure lafen (multilateral Agencen, ONGen, oder aner bilateral Bailleuren) sinn nach méiglech, mee de Gros vun eisen Appuie sinn a waren déi déi vun eiser Agence Luxdev, oder och vu PROMAN am Fall vum Mali, ëmgesat goufen.

Den Hannergrond ass, wéi ech ufanks erkläert hunn, dass Entwécklungshëllef och Aussepolitik ass a sech u gewësse Wäerter orientéiert, an déi sinn den Ament am zentrale Sahel net méi ginn: Militär-Junten hunn de Pouvoir ergraff a gi keng credibel Unzeeche vun engem Retour zu enger konstitutioneller Uerdnung, jiddefalls kenger demokratescher. Am Mali gëtt ëmmerhin nach vu Wale geschwat, am Burkina ëmmer manner, an am Niger am Fong nach ni säit der Chute vum President Bazoum.

Ech gesi mech net bei eise bilaterale *Commissions de partenariat*, oder beim Lancement vun neie Programmer, Dokumenter ënnerschreiwen an dobäi engem putschisteschen

Generol, Colonel oder Kapitän d'Hand ze rëselen. Oder d'ailleurs engem ziville Responsabelen, deen eis virgesat gëtt fir Apparencen oprecht ze erhalen, mee wou mir wëssen dass am Fong all Pouvoir an de Kulisse fest an der Hand vun engem opaque Grupp vu Militären ass.

Ech bedaueren natierlech dës Schrëtt hu missen ze huelen, well et verbannen eis méi ewéi 30 Joer Partenariat mat dësen dräi Länner, an et ass jo och net esou wéi wann di Besoinen, fir déi mir si ënnerstëtzt hunn, elo net méi do wieren, au contraire. Mir hunn och net Interêt geopolitesche Konkurrenten ewéi Russland dësen Terrain komplett ze iwwerloossen.

Fir deem Rechnung ze droen, bleiwe mir am Sahel engagéiert, ebe wéi gesot iwwert aner Kanäl. Sou och z.B. via eis Präsenz am Benin an am Togo: béid Länner hu schonn dermat ze kämpfen, dass d'Volatilitéit an d'Insécuritéit aus dem Norden hir op hiren Territoire agesickert ass. Eisen Haaptvecteur wäert natierlech d'Europäesch Unioun sinn, a mir participéieren zu Bréissel aktiv an de verschiddenen Instanzen, déi sech mat der Regioun Sahel beschäftegen. Eis Ambassadrice zu Dakar ass och *Envoyée spéciale* fir de Sahel, mir bleiwen och an deem Reseau präsent an aktiv.

Et ass wouer dass mir iwwert de Sahel an d'Auslafe vun eisem bilaterale Programm wéineg ëffentlech kommunizéiert hunn. Ech wäert haut net drop agoen, wat fir eventuell Konsequenzen sech fir eisen diplomatesche Reseau aus dëser Situatioun mëttelfristeg erginn, haaptsächlech aus Sécherheetsgrënn fir eist Personal dohannen. Déi dräi Regierunge waren eis bis elo éischter gutt gesënnt, mir konnten ëmmer den Dialog oprecht erhalen, mee mir hunn och gesi wéi susceptibel si reagéiert hu wann aner Partner den Enn vun hirer Kooperatioun ugekënnegt hunn.

D'Sécherheetssituatioun ass effektiv och e Grond firwat mir eis Präsenz an deenen dräi Länner iwwerdenken: vill Projeten, déi vun eis finanzéiert ginn, leien a Géigenden an déi mir elo scho säit méi laangem net méi konnte goe fir ze kucke wat konkret um Terrain passéiert ass. Jo, mir hu mat regionalem oder lokalem Personal probéiert den néidege Suivi ze maachen, mee dat ass à la longue net optimal.

D’Leit an eisem Ambassaden, an d’expatriéiert Experte vu Luxdev sinn am Mali an am Burkina bal ganz op d’Haaptstied Ouagadougou a Bamako confinéiert (zu Niamey hu mir keen diplomatescht Personal méi), an och an deene gëtt et periodesch eescht Sécherheetsproblemer. Den Depart vu wichtegen europäeschen Acteure mat hire Logistik- a Sécherheetsmoyenen ass och e Facteur.

Et ass meng Absicht dës Transitioun an eiser Relatioun mat deenen dräi Länner esou korrekt ewéi méiglech iwwert d’Bün ze kréien, fir dass den diplomateschen Dialog net ofbrécht, a Lëtzebuerg weiderhin do fir d’Populatioune kann engagéiert bleiwen. Wann d’politesch an d’Sécherheetssituatioun sech eng Kéier verbessert huet, ass Lëtzebuerg och prett mat dem neien, gewielte Leadership iwwert de Redemarrage vun der bilateraler Hëllef nozedenken.

[Nei Partenariater]

Parallel dozou si mir den Ament och am gaangen eis fir nei Partenariater ze interesséieren. Am Koalitiounsprogramm hu mir festgehalen dass Afrika d’Prioritéit huet, a well mir eis elo gezwonge gesinn e puer grouss bilateral Programmer am Sahel ofzeschléissen, kucke mir och prioritär an Afrika no neie Partneren.

D’Recherche vun neie Partenariater ass keng exakt Wëssenschaft. Bei dëser Recherche kann een eng Multitude vu Critèren uwenden. Ugefaange mat der Lëscht vu Länner, déi vun der OCDE an der Weltbank unerkannt gi fir d’Eligibilitéit fir offiziell Entwécklungshëllef. Déi ass ënnerdeelt an “*pays les moins avancés”* an a “*pays à revenu moyen”*. Den internationalen Engagement ass iwwert 20% vun der APD an d’”*pays les moins avancés”* ze ginn; mir loungen als Lëtzebuerg 2023 bei iwwer 50%. Mir kënnen also relativ flexibel sinn am Choix wat dëse Critère ugeet.

De Mix ass net nëmmen eng theoretesch Consideratioun, et gëtt do och praktesch Konsequenzen. Bilateral Programmer an de sougenannten „pays les moins avancés“ ëmzesetzen ass opwenneg well et eng Hellewull vun Defie gëtt: bonne gouvernance, Kapazitéite vun de lokalen Acteuren, Sécherheet etc. D'Programmer, déi mir do maachen, konzentréieren sech op Basisservicer am Beräich Gesondheet, Bildung, Waasser, Agrikultur etc. Do muss een sech froe wat eis lëtzebuergesch Valeur ajoutée ass.

Sécher, mir hu bewisen, iwwert d'Joren, dass eis Agence Luxdev an deene Beräicher e kompetenten an zouverlässege Partner ass. Et ass awer och evident, dass eis gesamt Offer an engem Partenariat mat engem Land, wat scho méi héich op der Lescht steet, eventuell als *pays à revenu moyen*, vill méi breet ka sinn. De Cap Vert ass hei eng gutt Illustratioun. Mir hunn d'Archipel net am Stéch gelooss no der Transitioun an d'Kolonn vun den *pays à revenu moyen*, an hunn haut eng ganz breet opgestallte Relatioun.

Mir kucken natierlech niewent den übleche Referenze wéi den *Human Development Index* och wéi d'Gouvernance sech an der lescht entwéckelt huet, wéi d'Evolutioun vun de Mënscherechter ausgesäit oder wéi e potentiellt Partnerland sech geopolitesch esou orientéiert. Verschidde Länner komme proaktiv op eis duer fir ze exploréieren ob mir si kéinten ënnerstëtzen, oft ginn ech en Marge vun internationale Konferenzen a Reuniounen ugesprach.

Et gëtt och Fäll, wéi dat jo an der Vergaangenheet och oft de Fall war, dass et scho privat Relatioune gëtt, z.B. iwwert d'ONGen. Et ass natierlech e wesentlechen Aspekt, ob mir wëllkomm sinn an invitéiert ginn.

Wann dat de Fall ass, wéi rezent am Benin an am Togo, da fannen exploratoire Missioune statt, fir d'éischt op Fonctionnairesniveau, duerno och op mengem Niveau, et gëtt sech informéiert iwwert der Regierung hir Pläng, hir Prioritéiten, a gekuckt wou mir als Lëtzebuerg e Finanzement oder eng Expertise kënne bäisteieren. Dee Genre Dialog huet vill evoluéiert: potentiell Partner sinn haut vill besser virbereet, hu kloer Virstellunge wat

si wëllen, an och wat si net wëllen, si acceptéieren net méi aus der Nout eraus alles wat esou ugebuede ka ginn oder zu egal wéi enge Konditiounen. Dat ass eng positiv Evolutioun a Richtung béidsäitegem Respekt déi mir och absolut ënnerstëtzen.

Wann déi Gespréicher positiv verlafen ass déi nächst Etapp en *Accord général de coopération* ze ënnerschreiwen, deen de Kader setzt fir eis Kooperatioun. An enger éischter Phas siche mir da bei anere bilateralen oder multilaterale Bailleuren an existent Programmer mat anzeklammen, fir déi ze verstäerken, an en passant de Kontext besser kennenzeléieren. Sou geschitt dat mat der däitscher GIZ am Togo den Ament. Mataarbechter vu Luxdev kënne bei deenen ënnerkommen.

De Suivi vum Ministère kann ufanks à distance stattfannen, vun engem noe Posten aus (ewéi z.B. Cotonou), oder vu Lëtzebuerg direkt. Uschléissend ass och denkbar en *Agent de la coopération* bei enger befrënten Ambassade oder der EU-Delegatioun ënnerzebréngen. Méi spéit kann een dann iwwert e Kooperatiounsbureau oder esouguer eng Ambassade nodenken, mee do ass keen Automatismus.

Ech kann haut hei nach keng Annonce maache mat wat fir Länner mir am Gespréich sinn, well dat net zeideg ass, mee ech kann Iech awer soen dass mir pragmatesch virginn, an z.B. an der Noperschaft vun eise regionalen *Hubs* kucken: an Zentralamerika, an a Südostasien. An Afrika wëlle mir e südlechen an östlechen *Hub* ausbauen. Wann et esouwäit ass fir méi konkret Schrëtt, wäert ech d'Chamber och selbstverständlech doriwwer informéiere kommen.

Um Enn vum Mandat vun dëser Regierung sollte mir also eise Reseau vu bilaterale Relatiounen an der Kooperatioun nei opgestallt hunn.

Et ass net meng Absicht haut hei all eis bilateral Programmer opzezielen, loosst mech just nach e Wuert soen iwwert zwee aner Partner soen: d'Ukrain an de Ruanda.

[Ukrain]

No leschten Estimatioune chiffréiert sech di gesamt lëtzebuergesch Ënnerstëtzung fir d'Ukrain säit der russescher Invasioun op eng 950 Milliounen Euro. Dovun si bal 10%, 96 Milliounen Euro, humanitär Hëllef, an Hëllef fir d'Rekonstruktioun, déi als *Aide publique au développement* ugerechent ginn. D'Majoritéit (75 Milliounen Euro) si virgesi fir den Opbau ze finanzéieren, besonnesch an der Géigend vun der Stad Kryvyi Rih am Südoste vun der Ukrain, en Industriegebitt wat zu engem wichtegen Deel zu der Industrieproduktioun a zum PIB vun der Ukrain bäidréit.

Mat dësem Soutien ënnerstëtzte mir de lokale Privatsecteur an der Regioun mat Prêten a Subventiounen. Mir bilden esouwuel jonk Leit ewéi och Veteranen aus, fir si erëm an d'Gesellschaft integréiert ze kréien an hinne Perspektiven ze ginn. Mir equipéiere Schoulen a Lycéeë fir datt d'Kanner erëm an d'Schoul kënne goen an zu enger gewësser Normalitéit zeréckfannen.

Enn lescht Joer, no de cibléierte russesche Bombardementer op d'Energieinfrastruktur an der Ukrain, déi Millioune vu Leit, Entreprisen, Spideeler a Schoulen ouni Stroum gelooss hunn, huet Lëtzebuerg eng Contributioun vun 8 MEUR annoncéiert fir den Energiesecteur am Land, souwuel fir d'urgent materiell Besoinen ewéi och fir déi méi laangfristeg Energieresilienz z'ënnerstëtzen.

Den humanitären Deminage ass e weideren Domaine an der Ukrain dee mir immens um Häerz läit, an dee mir läscht Joer mat insgesamt 12 MEUR ënnerstëtz hunn.

D'Ukrain ass a bleift also eng Prioritéit fir eis, a wäert och weiderhin op eis ziele kënnen.

[Kongo / Ruanda]

D'Situatioun am Oste vun der Demokratescher Republik Kongo ("RDC") verleet mech dozou kuerz anzegoen op eis Relatioun mam Ruanda.

D’Deklaratioun vun der EU, de 25. Januar, war kloer: Lëtzebuerg, sou wéi déi aner Membere vun der Europäescher Unioun, ass alarméiert iwwer déi aktuell politesch a humanitär Kris am Oste vun der DRC.

Déi rezent Offensive vum M23 sinn eng kloer Violatioun vum internationale Recht, vun der UN Charta a vun der territorialer Integritéit vun der DRC.

Dës Kris, déi dramatesch Konsequenzen op Honnertdausende Mënschen an der Regioun huet, berout op engem Konflikt, dee scho Joerzéngten undauert an déif verwuerzelt ass.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt weiderhin all Initiativ fir den Dialog tëscht der RDC an dem Ruanda, mee och tëscht Kinshasa an dem M23, zustanen ze bréngen.

Ech preziséieren dass dat *afrikanesch* Initiative sinn, mat virop dem Luanda a dem Nairobi Mediatiouns-Prozess. Mir sinn iwwerzeegt datt nohalteg Léisungen op esou komplex Konflikter just kënne vu lokalen a regionalen Acteure fonnt ginn.

Als Europäer musse mir eng gemeinsam Approche hunn. Dat heescht ee staarken a kohärente Message iwwert eis Valeuren, eis Interêten an d’Noutwendegkeet vum Respekt vum internationale Recht kloer an däitlech eriwwerzebréngen.

An deem Kontext ruffe mir den M23 op, sech direkt zréck ze zéien, a fuerderen de Ruanda op, den M23 net méi ze ënnerstëtzen. Mir fuerderen och d’DRC op, all Kooperatioun matt den FDLR an aneren arméierte Gruppen opzehalen.

Eng gemeinsam Approche heescht awer och sech eens ze sinn iwwert de konkreten Impakt, dee mir als EU an der Resolutioun vu Konflikter wëllen hunn. Mir concertéieren eis dofir souwuel mat eise Partner an der Regioun wéi och zu Bréissel.

Lëtzebuerg muss dobäi bedenken dass mir am Ruanda, zënter kuerzem, eng Ambassade hunn. Eng Ambassade déi eis Interêten an Ambitiounen an engem Land vertrëtt dat mir,

global, als ee wichtegen (ekonomeschen, multilateralen a politeschen) Partner a villen Domainë gesinn.

Mat den Autoritéiten zu Kigali musse mir weiderhi kënnen am Dialog bleiwen. Een Dialog deen éierlech a konstruktiv ass, an net d'Aen zoumécht vis-à-vis vun deem wat am Nopeschland geschitt.

Déi lëtzebuergesch – souwuel wéi europäesch – Engagementer am Kader vun der Entwécklungshëllef am Ruanda lafe bis op Weideres op engem techneschen Niveau weider. Dat si Projeten, och am Ruanda, déi deenen hëllefen déi Hëllef och wierklech néideg hunn.

Eis Projeten – en faveur vun der Formation professionnelle, enger nohalteger Ëmwelt, der Resilienz vun de rurale Populatiounen, an enger Finanzplaz, déi gréng an inklusiv ass – si kloer delimitéiert, mat enger strenger Redevabilitéit an engem Tracement vu Lëtzebuerger Gelder.

Doriwwer eraus, ënnerstëtzt Lëtzebuerg Acteuren am Beräich vun der Aide humanitaire am Oste vun der DRC.

Mir sinn och am enke Kontakt mat der Lëtzebuerger Croix-Rouge, déi zu Bukavu am Sud-Kivu aktiv ass, an déi wéint der prekärer Sécherheetssituatioun, temporär, hiert Personal huet missen evakuéieren.

[Multilateral]

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

Déi gesamt multilateral Weltuerdnung, wéi se am 20. Joerhonnert no 2 Weltkricher opgebaut ginn ass, gëtt haut hannerfrot oder esouguer frontal attackéiert. Hannerfroen u sech ass keng schlecht Saach: d'Gouvernance vum System ass reformbedürfteg, esouwuel wat z.B. den UNO-Sécherheetsrot ugeet, oder och déi international Finanzinstitutiounen, wou notamment den afrikanesche Kontinent ënnerrepresentéiert ass.

Hannerfroen ass fir vill UNO-Organisatiounen och elo eng Mussesaach, nodeems de frësch inauguréierte President an de Vereenegte Staaten decidéiert huet entweder net méi Member ze sinn (Weltgesondheetsorganisatioun) oder awer de Krunn zouzedréien. Wann ee weess datt d'USA fir verschidde Programmer de gréisste Bailleur war bis elo (ONUSIDA z.B.), da sinn dat Coupen déi d'ganz Existenz vun deene Programmer a Fro stellen. Europa an de Rescht vun der Weltgemeinschaft kënnen déi Budgeten net vun haut op muer ersetzen. Déi betraffen Agence mussen sech elo op déi absolut Prioritéite konzentréieren, méi effizient ginn, a Reformen duerchféieren déi oft scho méi laang fälleg waren.

Déi Priorisatioun ass enorm wichteg, wëll d'UNO-Organisatiounen d'Mandat hunn, universal Wäerter an Normen an alle Länner ze garantéieren. Et ass beonrouegend, datt grad de Beräich vun der globaler Gesondheet benotzt gëtt fir Attacken op de Multilateralismus als e Ganzt. De Récktrëtt vun den Amerikaner aus der WHO wéist och, wéi geopolitesch esou e Sujet ass, obwuel grad am Beräich vun der Gesondheet all d'Länner vuneneen ofhängeg sinn. Desinformatioun ass d'Waff, an si fonctionéiert, grad och an Entwécklungslänner.

Well mir eis deem bewosst sinn, hu mir am Dezember 2024 en neien C*adre de partenariat stratégique* iwwert d'Joren 2025 bis 2028 vu 46,5 Milliounen Euro mat der

Weltgesondheetsorganisatioun ënnerschriwwen. Dëst Ofkommes soll d'Reformen ënnerstëtzen, déi scho Jore laang am Gaange sinn, fir de multilaterale System vun der globaler Gesondheet ze stäerken. Wuelwëssend, datt mir net fir d'Finanzementslach opkomme kënne wat d'Amerikaner elo hannerloossen.

Wéi gesot, hannerfroen, evaluéieren, ass weesentlech en temps de crise. Mee mir wësse jo, datt de Problem méi profund ass, an datt de Prinzip selwer vum Multilateralismus a Fro gestallt gëtt. Mir observéieren a ville Länner Tendenzen zu Isolationismus, mir gesinn datt Prinzippien, déi mir als universell ugesinn (z.B. Mënscherechter, déi grouss Prinzippie vum internationale Recht – Souveränitéit, territorial Integritéit, Onofhängegkeet) contestéiert ginn; international Traitéen a Konventioune ginn einfach ignoréiert, och vu Staaten déi se ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn.

An Israel huet d'Parlament eng Réi Gesetzer gestëmmt, déi et der Agence vun der UNO, déi sech säit 1950 em palästinensesch Flüchtlinge këmmert, verbitt, an den occupéierte palästinenseschen Territoiren - also och zu Gaza- weider ze schaffen. An dat zu engem Moment, wou et ouni d'UNRWA net geet, a wou d'UNRWA liewenswichteg, am alleréischte Sënn vum Wuert, fir Honnertdausende Leit ass. A wou d'UNRWA ënnert mënschenonwürdege Konditiounen a Gaza schaffe muss, wou bal all Strukture futti gemaach gi sinn an deenen si geschafft huet.

De Langage vun den israeelesche Gesetzer ass am Laf vun den Diskussioune geännert ginn, mee et war rieds dovun d'UNRWA als terroristesch Organisatioun ze bezeechnen. Du jamais vu. Ech soen et nach eng Kéier: och d'UNRWA muss reegelméisseg seng Gestioun a Fro stellen an dem sougenannte Colonna-Rapport seng Recommandatioune mussen ëmgesat ginn. Ech hu bei menger leschter Visite och d'UNWRA iwwer verschidde Punkten, déi fir mech net acceptabel sinn, opmierksam gemaach.
Mee datt 2024 eng UNO-Organisatioun, déi hiert Mandat vun der UNO-Vollversammlung kritt huet, vun engem Memberstaat op dës Aart a Weis attackéiert gëtt weist, datt d'Remise en cause vum Multilateralismus nei Niveauen erreecht huet.

Lëtzebuerg huet Interêt dësem Trend entgéintzewierken, an dat maache mir och. Dëst Joer wäerte mir mat 13 Organisatiounen an Agencen nei Accorden aushandelen an ënnerschreiwen, an hinnen esou fir e puer Joer stabel Contributiounen zousécheren.

Niewent dëser finanzieller Ënnerstëtzung ass de politeschen Engagement fir d'ODD, *d'Objectifs de développement durable*, weiderhi weesentlech, wéi en am Hierscht um *Sommet de l'Avenir* zu New York zum Ausdrock komm ass.

[ONGD]

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären,

Den ONG-Secteur gouf 2024 duerch zwee Dossiere gepräägt, déi och schonn ëfters mat deenen zwou zoustännege Chamberkommissiounen diskutéiert gi sinn: d'Konsequenze vun der Fraude bei der Fondation Caritas, an d'Reform vun de staatleche Finanzementer fir d'Sensibilisatioun an *d'Éducation au développement*.

De Parquet enquêtéiert iwwert dat, wat bei der Caritas geschitt ass, d'Spezialkommissioun vun der Chamber iwwerleet wéi een esou e Fiasko an Zukunft ka verhënneren. Béides kommentéieren ech dofir haut net. Et sief just gesot, datt eis Prozeduren am Ëmgang mat den ONGD agehale goufen, Schlëmmeres verhënnert hunn a wuel och dozou bäigedroen hunn, datt dee Skandal iwwerhaapt opgeflunn ass.

Wat ech kann a wëll soen ass, datt mir mam *Service international* vun der Caritas e laangjäregen a ganz professionelle Partner verluer hunn, grad an der *Aide Humanitaire*, an ech wëll hinnen op dësem Wee merci soe fir den Asaz all déi Joren. Mam gudde Wëlle vun deem Service, der Hëllef vum Caritas-Réseau an der Welt, an dem Asprange vum Ministère an der Agence Luxdev, konnten den Gros vun de kofinanzéierte Projeten entweder propper ofgewéckelt gi well si souwisou no un hirem Ofschloss waren (a Moldawien an an der Ukrain), oder mat anere Partner op mannst eng Zäit laang weidergefouert ginn (am Südsudan an am Mali).

Ech wëll hei kuerz op e Mëssverständnis agoe wat de sougenannte *Plaidoyer politique* vun der Caritas ugeet: den Ausseministère ass nëmme mam Volet *Rethink your clothes* implizéiert gewiescht, an dat ass mengen ech net wat allgemeng verstane gëtt, wa vun der Caritas hirem *plaidoyer politique* geschwat gëtt. D'Kooperatioun huet also mam Weiderbestoen oder net vun deem Service näischt ze dinn: ob deen elo bei Caritas oder bei Hëllef um Terrain (HUT) weiderbesteet oder net ass deenen Organisatiounen hir Decisioun.

No dëser Kris gouf et e Risiko vu Vertrauensverloscht vis-à-vis vun den ONGen. Och dofir si mir am gaangen ze kucken, an enker Zesummenaarbecht mat den ONGDen, wou eis Prozedure kéinte verbessert ginn. Et geet net dorëms, d'Reegele grondleeënd ze änneren, mee fir verschidde Saachen, déi eventuell schonn implizit esou geduecht waren oder an der Praxis ëmgesat goufen, méi kloer ze maachen.
Ee Beispill ass, datt d'ONGDen eventuell zukünfteg Subsiden oder Remboursementer vu Fraisen net dierfen als kollateral Garantie fir e Bankprêt ginn. Dat war zwar schonn implizit esou geduecht, mee gëtt dann eben nach méi explizit.

Dësen Exercice dréit och dozou bäi, d'Mesuren déi en Place si besser no baussen ze kommunizéieren an esou d'Vertraue weider ze stäerken.

Well et dierf een net vergiessen: D'Lëtzebuerger ONGDen leeschten een immens wichtege Bäitrag an eiser Entwécklungszesummenaarbecht. Si setze 15% vun eiser APD ëm, sinn direkt um Terrain, deels a Länner wou mir keng direkt Präsenz hunn. Si wëssen genau wat d'Besoine vun deene Vulnerabelste sinn, a wat muss gemaach ginn, fir si an hirer nohalteger Entwécklung ze stäerken. 2024 huet de Ministère esou 91 Projete kofinanzéiert. Dobäi kommen 23 pluriannuel Accord-cadren.

An dësen Zäite wou d'international Kooperatioun ëmmer méi ënner Drock steet, wësse mir hei zu Lëtzebuerg dësen Engagement vun eiser Zivilgesellschaft ze schätzen. Et ass schwiereg ze chiffréiere wéi vill Leit hei op den diversen Niveauen engagéiert sinn, mee et sinn der sécher e puer Dausend: d'Membere vun den ONGen an hire Strukturen,

Salariéen a Benevoller déi am Hannergrond schaffe fir Finanzementer ze generéieren, déi aktiv si fir d'Projeten ze realiséieren, déi an d'Entwécklungslänner reese fir de Suivi vun hire Partenariater.

Dausende vu Leit déi och a privaten an ëffentleche Kontexter erkläre kënne wat Entwécklungshëllef ass, wat a wien si erreecht. Ech denken och un déi 23 Jonker déi sech 2024 am Kader vum *Service volontaire de coopération* engagéiert hunn a Projete vun ONGen sur place ënnerstëtze gaange sinn.

Op dëser Plaz e grousse Merci fir dësen Asaz! Ouni dësen Engagement géif et ganz sécher zu Lëtzebuerg net dee breede gesellschaftleche Konsens gi fir all Joer an eis Kooperatiounspolitik ze investéieren.

[Sensibilisatioun]

Dat bréngt mech och op den zweete groussen Dossier, deen d'Joer 2024 fir d'ONGDen gepräägt huet: d'Sensibilisatioun an d'*Education au développement*. Fir an dësem Beräich den Impakt vun de Projete kënnen ze moossen a méi effizient an effikass ze schaffen, wëlle mir mat den ONGen ee gemeinsame Kader schafen, deen dofir suergt, datt d'ONGDen méi enk zesummeschaffen an doduerch Synergien entstinn.

Dës Reform baséiert op enger externer Analyse, déi d'lescht Joer am Kader vun enger methodescher Revisioun vum Secteur duerchgefouert gouf. Dobäi huet sech erausgestallt, dass eng Impaktstudie vum Secteur onméiglech war, well et un den néidegen Donnéeë gefeelt huet fir eng Analys ze maachen. D'Consultanten hu recommandéiert kollaborativ a mat der néideger Zäit eng Reform auszeschaffen, an dat ass elo ugelaf.

D'ONGDen sinn am Gaangen un enger gemeinsamer Visioun ze schaffen, déi a verschidden thematesch Programmer soll deklinéiert ginn, wou d'ONGDen haaptsächlech gemeinsam Initiativen ëmsetzen, awer och de Spillraum hu fir hir eegen Aktivitéiten ëmzesetzen. Jiddereng vun hinne kann hire Bléckwénkel, hir Expertis an hir

Partikularitéiten do mat abréngen an esou der Ëffentlechkeet an de Schoulen - hirem Léierpersonal an hire Schüler - eng interessant Offer bidden.

2024 war e Virbereedungsjoer an 2025 gëtt en Transitiounsjoer, fir dass ab 2026 de gemeinsame Kader bis 2030 steet. Déi Transitioun stellt vill Aarbecht duer, an déi geschitt an enker Koordinatioun mat deene concernéierten ONGDen an aneren Acteure wéi z.B. dem Educatiounsministère, deenen ech op dëser Plaz fir hire konstruktiven Engagement wëll Merci soen.

Fir déi Zesummenaarbecht weider ze stäerken, soll dem Secteur eng *Maison des ONGD* zur Verfügung gestallt ginn. Mat engem Mix aus Bureauen, Ausstellungs- a Versammlungsraim a Geschäfter kréien si eng prominent Plaz an der Stad, déi hir Aarbecht nach méi visibel an interessant fir de Public mécht. Nieft deenen, déi scho sensibiliséiert sinn, si mir dann och besser placéiert, déi unzeschwätzen, déi bis elo manner mam Sujet ze dinn haten.

[Aide Humanitaire]

Ech hat ufanks gesot ech kéim nach op d'Aide humanitaire zeréck, an ech maachen dat bewosst separat, well dës Form vun Hëllef hiren eegene Prinzippie follegt, an an der Haaptsaach op Krisen an Naturkatastrophe reagéiert. Leider musse mir feststellen, datt eebe grad déi Prinzippien haut ëmmer méi a Fro gestallt ginn, fir net ze soen ignoréiert, oder esou guer bewosst violéiert ginn.

A Konfliktzone gëtt d'Impartialitéit vun der humanitärer Hëllef oft net méi unerkannt, weder vun nationalen Arméien nach vun net-staatlechen Acteuren. Si gëtt, ewéi all aner auslännesch Präsenz, als externt Amëschen ugesinn en faveur vun enger oder der anerer Partei. Accès muss all puer Kilometer verhandelt ginn, hänkt vum bon vouloir vu lokale Kommandanten of, staatlech oder anerer. D'Hëllef erreecht méi schwéier a méi spéit déi Leit déi se dringend brauchen, si ass méi geféierlech fir d'humanitär Acteure ginn, a kascht ëmmer méi Geld.

Finanziell wäert déi humanitär Welt weiderhi mat zwee groussen Defie konfrontéiert sinn. Engersäits ginn d'Besoine weiderhin an d'Luucht an anerersäits geet d'Baisse vun de Contributioune vun de Bailleure weider, sou wéi och déi leschte Joren. Dës Baisse läit, wuelgemierkt, net u Lëtzebuerg. Ganz am Géigendeel. Säit 2022 stelle mir sécher, dass all Joer mindestens 15% vun der APD an d'humanitär Hëllef fléissen. Och, en termes de volume, hu mir säit 2022 all Joer méi Nouthëllef ginn.

Wat de Budget ugeet, schwätze mir d'lescht Joer vun ongeféier 96 Milliounen Euro déi Lëtzebuerg fir d'humanitär Hëllef ausginn huet. Dräi Regiounen hunn 2024 erausgestach: den Noen Osten, de Sahel an d'Ukrain. Am Noen Osten hu mir insgesamt iwwer 14,7 Milliounen ausginn an zwar an de palästinensesche Gebidder, am Libanon an a Syrien. Dëst Joer wäert en Deel vun deem Montant iwwergoen an de fréien Opbau vu Syrien an a palästinensesch Gebidder, natierlech en fonction vum Accès an der politescher Situatioun. Mir bleiwe weiderhi virsichteg a ginn dovun aus, dass, trotz den aktuellen,

éischter positiven Entwécklungen, eng humanitär Hëllef weiderhin noutwenneg wäert sinn.

Erlaabt mir zwou Situatioune kuerz ervirzehiewen: de Mëttleren Osten, an nach eng Kéier de Sahel.

[Mëttleren Osten / UNRWA]

Ech hunn et virdru schonn ugeschwat: d'UNRWA bleift en essentiellen, wann net den essentiellen Acteur bei der Verdeelung vun humanitärer Hëllef an der Regioun. Och wann elo verschidden aner UN Organisatiounen en Deel vun der Nouthëllef iwwerhuelen, wäerte mir nach wéinstens 2025 op déi eenzegaarteg Kapazitéite vun der d'UNRWA ugewise sinn. D'Zoumaache vun der UNRWA géif net nëmmen nach méi Leed fir déi palästinensesch Zivilbevëlkerung bedeiten, mee verstéisst och géint d'Bestëmmunge vum Accord ronderëm de Waffestëllstand an der Fräiloossung vun de Geiselen. An d'Zoumaachen vun der UNRWA ënnergrueft gläichzäiteg d'Chance fir méi Stabilitéit an der Regioun.

[Sahel]

Och wa mir eis bilateral Programmen am Sahel am gaange sinn erofzefueren, wëll ech, wéi ech dat schonn dacks betount hunn, eis Hëllef via d'ONGen, eis UN-Partner an d'humanitär Hëllef fir déi lokal Bevëlkerunge sécherstellen. Dofir hu mir eis d'lescht Joer mat Contributioune vun 12,2 Milliounen Euro weiderhi staark engagéiert an ech hu wëlles, dëse Niveau och dëst Joer bäizebehalen.

À propos net vergiessen.

Mir limitéieren eis Hëllef natierlech net nëmmen op déi 3 Beispiller, déi ech elo grad genannt hunn. An deene leschte Jore ware mir ëmmer drop beduecht, fir grad deene Krisen, déi net all Dag an de Medien opdauchen, besonnesch Opmierksamkeet ze

schenken – ech schwätze vun de vergiessene Krisen am Myanmar, zu Haiti, am Sudan, fir nëmmen déi ze nennen.

[d'Liewensmëttelonsécherheet]

Mir sinn eis och bewosst, dass d'Liewensmëttelonsécherheet nach ëmmer akut ass, elo scho säit wéinstens dräi Joer, an dat meeschtens a Länner, déi souwisou scho vu Konflikter oder Naturkatastrophe betraff sinn. Aus deem Grond hu mir decidéiert, eis déi nächst zwee Joer ganz besonnesch fir de Kampf géint den Honger ze engagéieren.
Sou hu mir dëst Joer e Sëtz am *Conseil d'administration* vum UN-Welternärungsprogramm. Iwwert dës Agence ënnerstëtze mir zum Beispill déi sougenannten "Programmer vir Schoulmolzechten". Mat enger multisektoraler Approche hëllefen dës Initiativen net nëmmen, d'Liewensmëttelsécherheet ze verbesseren, mee droen och zur Förderung vun der Bildung, der lokaler landwirtschaftlecher Produktioun, der Hygiène an der Gesondheetsversuergung bäi.

An dësem Kontext ass Lëtzebuerg houfreg, zënter senger Grënnung, 2021, Member vun der Schoulmolzechtkoalitioun (*School Meals Coalition*) ze sinn. Déi nächst zwee Joer presidéiere mir donieft de *Conseil d'assistance alimentaire* zu London a mir hunn eis kierzlech och dozou entschloss eis der "Globaler Allianz géint Honger an Aarmut" unzeschléissen – eng Initiativ déi ënnert dem brasilianesche President Lula um leschte G20 Sommet lancéiert gouf.

[Deminage]

Eng weider Thematik, déi säit der russescher Invasioun vun der Ukrain ëmmer méi wichteg fir Lëtzebuerg ginn ass, ass den humanitären Deminage. Weltwäit hu mir mat bal 5 Milliounen Euro – am Verglach zu 1,8 Milliounen am Joer 2023 – Projeten am Beräich vum humanitären Deminage ënnerstëtzt. De Schwéierpunkt vun dëse Projete läit op sougenannten *Éducation aux risques*-Aktivitéiten, déi d'Zivilbevëlkerung iwwer d'Geforen duerch Munitiounsreschter a Minnen informéieren, oder op méi klasseschen Deminage-

Aktivitéiten, dem sougenannte *Land Release*, fir geféierlech Iwwerreschter vun arméierte Konflikter ze neutraliséieren.
Eng Contributioun géif ech hei gären ervirhiewen: en Don vun 110 Deminage Kitten, déi Lëtzebuerg der Ukrain gespent huet – de gesamte Wäert vun dëse Kitte läit bei ongeféier enger Millioun Euro.

[Innovativ Projeten]

Och wa mir weiderhin "klassesch" humanitär Hëllef leeschten, probéiere mir och nei Weeër ze fanne fir déi Hëllef méi effikass ze gestalten a méi zentréiert op d'Besoine vun de Beneficiairen. Ech hat scho vun de *Cat Bonds* geschwat. En anert Beispill sinn eis nei Partenariater mam UNHCR engersäits a mam Welternärungsprogramm a mam CERN anerersäits, fir mat Hëllef vu Kënschtlecher Intelligenz d'humanitär Hëllef méi effikass, transparent an zilorientéiert ze maachen.

Dat si just e puer Beispiller vu villen innovative Projeten, déi mir am Moment testen. Um Enn vum Joer, wäerte mir d'*Journées luxembourgeoises humanitaires* organiséieren, wou mir déi verschidden nei Instrumenter wäerte presentéieren.

Zum Ofschloss vum Kapitel vun der Aide humanitaire nach e Wuert zu emergency.lu. Déi wuelbekannte Satellitte Kommunikatiounsplattform ass nach ëmmer d'Kärkompetenz vun emergency.lu, dëst an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Privatsecteur an enger Rei groussen humanitären Agencen.

2024 sinn 11 Kitten am Asaz:

- Tschad (2)
- Niger (2)
- Burkina Faso (1)
- Panama (2, UNHCR)

- 2 an der Karibik nom Hurrikan Berryl
- 2 zu Mayotte (déi d'ailleurs vu frësch vun eis forméierte franséischen Techniker do installéiert goufen).

Donieft hu mir eis operationell Kapazitéiten awer weider ausgebaut. Ee Beispill ass eng Kapazitéit fir medezinesch Evakuatiounen, an Zesummenaarbecht mat der Luxembourg Air Rescue. Ganz rezent hu mir esou e klengt Kand, wat duerch d'Kris am Gaza do net méi konnt behandelt ginn, an Albanien evakuéiert.

Des Weideren hu mir och eng Rei materiell Contributioune gemaach, ënnert anerem déi 100 Deminage Kitte fir d'Ukrain déi ech grad erwäänt hat. Mir wäerten eisen humanitäre Stock weider ausbaue fir direkt kënnen op urgent Demanden ze reagéieren.

Aktuell si mir am gaang weider Nischen ze identifizéieren an deene Lëtzebuerg kéint, duerch gebündelt Kompetenze vum ëffentlechen a private Secteur, aktiv um Terrain hëllefen an eis international Partnerorganisatiounen ënnerstëtzen.

Fir d'Koordinatioun tëschent de Lëtzebuerger, staatlechen Acteuren am Kader vun der Nouthëllef ze verbesseren, hu mir 2022 eng national Koordinatiounsplattform an d'Liewe geruff. Duerch eng enk Zesummenaarbecht vun, ënnert anerem, der Kooperatioun, dem Inneministère, dem Ministère fir Gesondheet a Sozial Sécherheet, der Arméi an dem CGDIS konnten esou eng ganz Rei Projeten ëmgesat ginn.

[CONCLUSIOUN]

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären,

Dir gesitt datt eis Kooperatioun an eis humanitär Hëllef sech upasse mussen un déi vill Defien déi ech ernimmt hunn, sief dat d'Afrostellen vum internationalen Droit oder den humanitäre Prinzippien, unilateral an isolationistesch Decisioune vu wichtege Bailleuren, geopolitesch Reorientatioune vu laangjärege Partnerlänner, oder einfach och d'Zuel an d'Dauer vu Konflikter a Katastrophen an der Welt. D'Victimme vun all dësen Tendenzen si Mënschen, an déi an de mannsten entwéckelte Länner sinn iwwerproportional betraff. Mir wäerte weiderhi solidaresch mat hinnen sinn, mat deene verschiddenen Instrumenter déi eis zur Verfügung stinn.

Op bilateralem Plang renforcéiere mir d'Approche vum regionalem Rayonnement vun enger Basis aus, an Zentralamerika, a Südostasien, an och deemnächst verstäerkt an Afrika. Trotz bilateralem Desengagement am Sahel bleiwe mir an dëser wichteger Regioun iwwer aner Kanäl aktiv. D'Zil ass et iwwert déi nächst Joren eise Reseau do ze festege wou mir scho sinn an et Sënn mécht ze bleiwen, an en auszebauen do wou mir wëllkomm sinn, an dat wat mir ubidde kënne vun de Partner als nëtzlech ugesi gëtt.

De multilateralen Ekosystem muss sech upassen, a mir bleiwen e staarke Partner hei mat eise ville Konventiounen, déi den Agencen iwwert eng Rei Jore finanziell Previsibilitéit ginn.

Eis Aide humanitaire ass efficace an innovativ, och Dank der gudder Kollaboratioun mat ëffentlechen a privaten Acteuren hei zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg bleift en engagéierten an zouverlässege Partner an der Welt, a souwuel d'Kooperatioun wéi d'humanitär Hëllef illustréieren dat konkret all Dag.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.